

5. 7777 – Proposition de révision des chapitres IV et Vbis de la Constitution (suite)

Résolutions

Da musse mer nach iwwert déi zwou Resolutiounen ofstëmme, déi den Här Kartheiser deposéiert hat.

D'Resolutioun Nummer 1, wou d'Chamber soll decidéieren, a wéi enger vun deenen dräi administrative Sproochen den Deputéierten dann d'Méiglechkeet huet, den Eed ofzeleeën, fir do ze wíelen. Wie wíllt nach zu där Resolutioun d'Wuert ergräifen?

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Här President.

M. Fernand Etgen, Président | Jo, den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Also, dat ass elo eng Iddi vun eis: Mir musse fir eis net direkt ofstëmme doriwwer, well et ka jo och sinn, datt deen een oder anere Kolleg nach wíllt iwwerleeën, ier e vläicht wíllt eng Decisioun huelen.

(Brouhaha)

Mir können och direkt driwwer ofstëmme. Also, eise Vott ass kloer. Dir kénnt et och un de Bureau verweisen, dat war eigentlech dat, wat mer gehofft haten. Mee et muss awer vun eiser Säit aus elo net direkt e Vott sinn.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser. De President vun der Institutionskommissioun, den Här Mars Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Jo, Här President, zu der éischter Resolutioun, déi ass jo net onsympathesch, dass e Lëtzebuerger Deputéierten och säin Eed op Lëtzebuergesch kann ofleeën. Mir musse just kucken, awéieren dass dat mat den Texter vun der Constitutioun vereinbar ass, well mir schreiwen ëmmer, de franséischen Text „fait foi“. An ech géif proposéieren, dass mer déi Resolutioun géifen an d'Institutionskommissioun huelen, fir eng Kéier en Tour ze dréien.

Ech wíll awer och dann direkt Stellung bezéien zu där zweeter Resolutioun. Dat ass a mengen Aen en No-Go, well ech ka mer virstellen, dass den Auteur weess, wou en ufänt, mee awer kee vun eis weess, wou mer domat géife landen. Dat ass dat Éischt.

An dann: Et gëtt jo unerkannte Reliounen an et gëtt manner unerkannte Reliounen. An ech géif eis gär hei am Parlament gesinn, wa mer op eemol Schwurbelleie géifen hei erliwwen!

An dat Zweet, dat ass awer dat méi wichteg Argument: Mir hunn hei mat eise Verfassungsännerungen dat enterinéiert, wat mer schonn a Gesetzesform gemaach hunn: d'Trennung vu Kierch a Staat. An hei soll e laizisteschen Eed geleescht ginn an net eng vag Méiglechkeet, fir eng reliéis Referenz ze maachen.

Am Sënn vun deem, wat mer an der Verfassung festgehale hunn, géif ech mengen, dass mer déi hei Resolutioun iwwerhaupt net kéinte stëmme.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Di Bartolomeo. Da freet den Här Léon Gloden d'Wuert.

M. Léon Gloden (CSV) | Merci, Här President. Bei der éischter Resolutioun, fir den Eed können, le cas échéant, op Lëtzebuergesch ofzeleeën hei an der Chamber, do sinn ech d'accord, fir dat an d'Kommissioun ze huelen, well doriwwer soll ee schwätzen.

Komme mer zu där Konkursioun, muss ee just soen, dann zielt et fir jiddwereen, deen den Eed op d'Lëtzebuerger Constitutioun ofleet, well et gëtt da keen Argument ...,

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Jo.

M. Léon Gloden (CSV) | ... firwat mir et dierfte maachen an de Beamten oder d'Beamten net. Duerfir muss ee sech all deene Konsequenze bewosst sinn.

Fir déi zweet Resolutioun schloen ech menger Partei vir, dergéint ze stëmme, well mir hunn an dem Gesetzestext den Eed kloer formuléiert. Mir hu kloer gesot: „Den Eed gëtt op d'Verfassung ofgeluecht.“ An der Verfassung stinn all d'Komponenten, déi dëst Land auszeechnen, all d'Institutiounen, déi hei schaffen, all déi Wäerter, déi mer am Haus Lëtzebuerg hunn. Dat ass den Eed. An och hei: Mir können net en Eed à la carte maachen! D'Deputéiert géifen dat kënne maachen, de Beamten oder d'Beamten kéint dat maachen. Duerfir, dës Resolutioun wäert vun der CSV ofgeleent ginn.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Gloden. Dann huet den Här Sven Clement d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Zu der éischter Resolutioun, do kann ech dermat liwwen, datt mer dat an der Kommissioun eng Kéier duerchdiskutéieren. Ech weess net genau, wat d'Implikatiounen mat der neier Verfassung sinn, vu datt fir d'Verfassung, wéi de Mars Di Bartolomeo et richtig sot, nun emol dee franséischen Text deen ass, deen d'legal Basis huet an eeben eng Eedesformel virgesäit.

Wann dann awer eng Proposition de modification muss gemaach ginn, kann ech och domadder liwwen. Dat kéint jo och eng Konkursioun aus där Institutionskommissioun sinn.

Bei där zweeter, mengen ech, ass d'Positioun vun de Piraten ganz kloer. Mir si fir eng strikt Trennung vu Kierch a Staat, an deementspriedend huet och kee kierchleche Bezuch eppes an engem staatlechen Eed ze dinn. Mir leeën hei en Eed op d'Grundwäerter vum Staat of. Wien dann doheem nach eng Kéier wíllt e Gebiet schwätzen, fir him Kraaft ze ginn, dee kann dat gäre maachen, mee doheem an net an engem staatleche Kontext. Esou gesi mir d'Trennung vu Kierch a Staat. Do huet eeben esou eng Formel keng Plaz méi.

An deementspriedend, mengen ech, kann ech mech och nëmme deem uschléissen, wat de Léon Gloden sot: D'Verfassung ëmfaasst all déi Wäerter, fir déi mir als Lëtzebuerger stinn. An deementspriedend ass en Eed op d'Verfassung dat, wat priméiert, an dorunner sollte mer eis halen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Clement. Da geet d'Wuert nach eng Kéier zréck un den Auteur.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, Här President, ech soe villmools Merci de Kollegen, déi sech derfir ausgeschwat hunn, datt mer déi Iddi, fir den Eed och können op Lëtzebuergesch ofzeleeën – selbstverständlech fir d'Deputéierten an all d'Beamten an esou weider –, datt mer dat an der Institutionskommissioun diskutéieren. Mir missten dann natierlech och eng Eedesformel op Lëtzebuergesch festleeën an op Däitsch, well dat ka jo och sinn, mir hunn dräi administrativ Sproochen. Da misste mer dann och den Text festleeën, wa mer déi Iddi zréckbehalen. Mir géifen dat op jidde Fall als ADR ganz staark begréissen a freeën eis, fir an der Institutionskommissioun dat dann ze diskutéieren, wann dëst héicht Haus dat elo esou wíllt.

Zu deem zweete Punkt: Jo, et gëtt eng Trennung vu Kierch a Staat. Et gëtt awer keng Trennung tëschent dem Deputéierten a sengem Glawen. An dat heiten ass jo eng individuell Fräiwëllegeket, déi hei festgeluecht ass. A wann een dann eng Formel och nach esou festleet, wéi se am Ausland, zum Beispill an Däitschland, festgeluecht ass, dann ass eeben dat

deen Text fir deen, dee wíllt eng reliéis Referenz matmaachen oder derbämmaachen, an net iergendeppes anescht, soudatt dee Risiko ...Well an Däitschland, an anere Länner hu se jo genau déi selwecht Froestellungen, och do gëtt et eng Trennung an anere Formen. Mee et ass jo néierens esou, datt mer nach theokratesch Regimier an Europa hätten. An awer, mengen ech, si vill héich ziviliséiert Staaten an Europa awer op dee Wee gaangen, fir de reliése Facteur net wíllen ausblenden. Et ass natierlech eppes, wou mer net sollte vergiessen, datt eis Zivilisatioun zu engem groussen Deel op jüddesch-chrëschtliche Wäerter berout. An eng Trennung vu Kierch a Staat, dat muss een awer och können an engem Sënn interpretéieren, datt mer elo net higin an e Radikalismus erafalen a virun allem all Deputéierten a selbstverständlech all Beamten an aneren awer ëmmer déi Méiglechkeet loossen, wann en e Gottesbezug wíllt, fir dat och können anze-fügen a seng Eedesformel, natierlech op eng reglementéiert Manéier.

Also, wéi gesot: Mir maache schonn den Ënnerscheid zwëschent enger Trennung vu Kierch a Staat, eebe wat elo d'Institutiounen ugeet, awer mir wílle keng Trennung vum Mësch a senge reliéis Iwwerzeegungen.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser.

Vote sur le renvoi de la résolution 1 en commission

Wien d'accord ass, fir d'Resolutioun Nummer 1 un d'Institutionskommissioun ze verweisen, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Da muss also d'Institutionskommissioun sech domadder befaassen.

(La résolution 1 de M. Fernand Kartheiser est renvoyée à la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle.)

Ech mengen, da kënne mer direkt zum Vott vun der Resolutioun 2 kommen.

Vote sur la résolution 2

Hei deet sech näischt. D'Ofstëmme fänt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resolutioun Nummer 2 ass mat 4 Jo-Stëmme géint 56 Nee-Stëmme ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par Mme Diane Adehm), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusti Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary,

M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Den Här Mars Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Jo, Här President, just eng Präzisioun zu deem, wat den Auteur vun der éischer Resolution gesot huet. Wa mer den Tour eng Kéier dréien an der Institutiounskommissioun, ass et selbstverständlech, dass mer dat kucken am Rame vun der jëtzege Verfassung, wéi mer se ëmgeännert hunn. Et ass net, dass mer elo eis schonn op de Programm geschriwwen hunn, dass mer eng weider Verfassungsänerung maachen. Ech wollt dat just preziséieren, well den Auteur mir eppes an de Mond geluecht huet, wat ech an deem Sënn net gesot hunn. Mee mir kucken dat seriö an der Kommissioun, wat a Saache Sproochegebrauch bei deenen neie Verfassungstexten dran ass. Ech schrauwen d'Hoffnungen allerdéngs net ze vill héich, mee mir kucken dat ganz seriö.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci fir déi Präzisioun.

6.1117 – Projet de loi portant modification de l'article L. 222-9 du Code du travail

Den nächste Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 1117, eng Upassung vum Mindestloun. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun deem Projet de loi, den honorabelen Här Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Dan Kersch (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, all zwee Joer mécht d'Regierung e Rapport iwwert d'Lounentwécklung an iwwert d'Entwécklung vun der allgemenger ekonomescher Lag hei am Land. D'Regierung proposéiert dann och, wa si et fir néideg empfënn, eng Upassung vum Mindestloun. Esou eng Erhéijung gouf dës Joer jo och am Kader vun der Tripartite ofge-maach.

Effektiv gesäit d'Gesetz, notament den Artikel 222-2 vum Code, vir, dass éischters: „Le niveau du salaire social minimum est fixé par la loi.“, an zweetens: „À cette fin, toutes les deux années, le Gouvernement soumet à la Chambre des députés un rapport sur l'évolution des conditions économiques générales et des revenus, accompagné, le cas échéant, d'un projet de loi portant relèvement du niveau du salaire social minimum.“

Mir stëmmen also haut, esou wéi de Code et virgesäit, iwwer e wichteg Gesetz of, dat den onqualifizierten an de qualifizierten Mindestloun ëm 3,2 % soll erhéijen. Et geet drëms, de Mindestloun un d'Entwécklung vum Duerchschnittssalaire vun de Joren 2020 an 2021 unzepassen. D'Berechnung vun der Entwécklung vum Salaire huet erginn, dass dese während de Joren 2020 an 2021 – ech hat et virdu gesot – ëm 3,2 % geklommen ass. Dowéinst proposéiert d'Regierung jo dann och, de Mindestloun ëm 3,2 % ze héijen.

Dat bedeit eng Opwärtung vu 74,02 Euro fir den onqualifizierte Mindestloun an eng Opwärtung vun 88,83 Euro fir de qualifizierte Mindestloun. Den onqualifizierte Mindestloun klëmmt esou vun 2.313,38 Euro op 2.387,40 Euro. Op d'Stonn ëmgeréicht heescht dat, dass eng Steigerung vun 13,37 Euro op 13,80 Euro ze verzechnen ass.

Ech soen dës Chifferen hei ganz bewosst a jiddweree soll sech vläicht seng eege Gedanken doriwwer maachen.

D'Gesetz soll den 1. Januar 2023 a Kraaft trieden. Dës Erhéijung gëllt iwwerengs, an och dat ass e Chiffer, dee beandrockt, fir ronn 67.500 Salariéen hei zu Lëtzebuerg. Vun deene 67.500 Salariéer wunnen ongeféier 52 % zu Lëtzebuerg.

Déi meeschte Leit, déi hei zu Lëtzebuerg fir de Mindestloun schaffen, schaffen an der Hotellerie an am Commerce. Déi Leit kënnen, wéi gesot, elo déi zousätzlech 74 respektiv 88 Euro och ganz gutt gebrauchen.

Här President, an deenen Zäiten, an deene mir eis hei befannen, ass et richtig, dass, wéi mer soen, déi kleng Leit net am Stach gelooss ginn. Dat heiten Instrument vun der Mindestlounupassung ass wichteg an néideg. D'Upassung vum Mindestloun leescht hire Bäitrag zu enger sozialer Gerechtegkeet an domat zu dem Erhale vum soziale Fridden.

Ausserdeem ënnerstéit si och d'Erhéijung vun der Kafkraaft vum Stéit, wat finalement och eiser Ökonomie zeguttkënn.

De Projet de loi ass den 12. Dezember 2022 vum Aarbechtsminister deponéiert ginn. De Staatsrot huet den 13. Dezember säin Avis ginn. A sengem Avis huet de Staatsrot näischt um Fong aussetzen a gëtt säin Accord zum Projet de loi.

D'Chambre des Métiers huet den 12. Dezember en Avis erausbruecht, wou si sech kritesch zum Gesetzesprojet ausdréckt. Si ass der Usicht, dass déi aktuell ekonomesch Situatioun déi geplangten Upassung vum Mindestloun net géif justifiéieren. Si kritiséiert dann och d'Berechnungsmethod vun der Regierung.

An hirem Avis vum 12. Dezember 2022 huet d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics hiren Accord zum Gesetzesprojet ginn.

Et leien och nach zwee Avisen do, déi eis awer eréischt nom Unhuele vum Rapport zoukomm sinn. Dat ass den Avis vun der Chambre des Salariés an den Avis vun der Chambre de Commerce.

D'Chambre de Commerce weist sech an hirem Avis onzefridde mam Gesetzesprojet aus änlechen Ursache wéi d'Chambre des Métiers, während d'CSL de Gesetzesprojet begreist, awer der Meinung ass, dass déi 3,2%-Erhéijung net duerheet. Wéi gesot, déi Aweise sinn nom Unhuele vum Rapport komm. Mee ech mengen, dass et bei esou engem wichtige Gesetz awer wichteg ass, dass ee se och hei erwänt.

De 15. Dezember 2022 huet d'Kommissioun de Projet de loi an d'Aweise vum Staatsrot an de Chambre-professionellen, déi eeben do waren zu deem Moment, analyséiert a mech als Rapporteur vum Projet designéiert.

D'Kommissioun huet de Rapport de 15. Dezember 2022 guttgeheescht.

An hei hat ech nach stoen, ech géif den Accord gi vun der sozialistescher Fraktioun, mee dat iwwerhëlt herno nach eng Kéier mäi Fraktiounsprésident, wann ech dat richtig verstanen hunn.

(Interruption)

Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Dan Kersch.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Aly Kaes. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Aly Kaes (CSV) | Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer emol fir d'éischt, dem Rapporteur, dem honorabelen Här Dan Kersch, villmools Merci ze soen. Hien huet nach eng Kéier och d'Prozedur, wéi et zu enger Erhéijung kënn, erkläert – ech brauch do guer net méi do drop anzegoen – an och nach eng Kéier d'Wichtigkeet vun der Mindestlounerhéijung ënnerstrach.

Bon, mir maachen déi Mindestlounerhéijung jo ganz kloer, fir datt déi Leit, an d'Zuel ass genannt ginn, 67.500 Salariéen, déi fir de Mindestloun respektiv ronderëm de Mindestloun schaffen, eng Erhéijung kréien an domadder eenegermoossen – ech betounen: eenegermoossen! – un d'Evolution, wéi se sech dobaussen an eiser Ökonomie presentéiert, ugepasst solle ginn.

Dir sidd awer all mat mir d'accord, ob dat 77 (veuillez lire: 74) oder 88 Euro sinn, datt dat sécher net duerheet, fir all déi zousätzlech Käschen, déi an deene leschte Wochen a Méint awer op jidderee vun eis zoukomm sinn, datt déi 74 an déi 88 Euro net duerginn, fir déi Käschen alleguerten ofzeddecken.

Ech wëll an deem Kontext just ee Beispill nennen. Wann ech fir de Mindestloun schaffen, da ginn ech sécher näischt ronderëm d'Stad oder an der Stad lounen, mee da ginn ech iergendwou dach awer méi am ländleche Raum eppes lounen. An ech hunn och nach vläicht eng Aarbecht, déi net zu den normalen Aarbechtszäiten ass, da riskéieren ech, datt ech vun deem gratis öffentliche Transport iwwerhaupt net ka profitéieren an da muss ech also en Auto hu fir op meng Schaff. An da sinn déi puer Euro ganz séier opgebraucht, well ech dach awer op der Tankstell e gudde Batz méi muss bezuelen, wéi dat nach virun enger Zäit de Fall war.

Dat muss ee ganz einfach soen. Bon, ech wëll domadder nach eng Kéier ënnersträichen, datt déi Erhéijung zwar wichteg ass, mee leider Gottes an deem haitegen Ëmfeld net duerheet. Déi extreem Präisser, wéi mer se u sech um Immobiliemaart kennen, ob dat an der Locatioun ass, ob dat awer och ass, wann een iwwerhaupt nach drun denkt, wann ee fir de Mindestloun schafft, fir sech en Eegenheim unzeschaffen, do ass et ganz kloer esou, datt dat alles awer nëmmen eng Drëps op de waarme Steen ass.

An ech mengen, et gëtt nëmmen eng Method, dat ass, datt ee versicht, alles drun ze setzen, dass déi extreem Präisser, eebe grad an den Immobilien, gebremst ginn an eventuell, wann et méiglech ass, no ënnen, wéinstens liicht, ugepasst ginn; eng Fuerderung, déi mir als Partei schonn ëmmer gesot hunn an eppes, wat grad mäi Kolleeg, de Marc Lies, besonnesch bei allen Interventionen ëmmer erëm seet.

Ech wëll och ganz kloer hei soen: Lëtzebuerg huet jo bekanntlech awer net deen héchste Mindestloun an Europa, an trotzdeem, no Rumänien si mir a sech dat Land, wou d'Leit, obwuel se eng normal Aarbecht hunn, dat heescht normal 40 Stonne schaffen, awer ganz kloer am Risiko oder no beim Risiko sinn, datt se ënnert d'Aarmutsgrenz falen. Dat nennt een an deem Fall Working Poor, dat heescht, et huet een eng Aarbecht an et verdéngt een awer net genuch, fir iergendwéi normal kënnen ze liewen.

Mir haten, wann een Eurostat kuckt, ronn 12 %, déi schonn 2020 ënnert der Aarmutsgrenz gelieft hunn. An dat geet nach an d'Luucht. Dat wäert mat Sécherheet mat all deem, wat sech haut presentéiert, nach weider an d'Luucht goen, well d'Hallschent vum Akommes geet also an de Logement, geet an d'Heizkäschen, geet awer och an all déi aner supplementär Käschen, déi op d'Leit zoukommen. Dozou gehéieren